LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

Le Ministre des Communications
et des Médias

Luxembourg, le - 6 NOV. 2019

Personne en charge du dossier:
Josiane MEYSENBURG
☎ 247 - 86710

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :
07 NOV. 2019

Monsieur le Ministre aux Relations avec le Parlement
p.a. Service Central de Législation
L-2338 Luxembourg

Objet: Réponse commune de Monsieur le Ministre des Communications et des Médias Xavier BETTEL et de Monsieur le Ministre de la Mobilité et des Travaux publics François BAUSCH à la question parlementaire n°1251 du 25 septembre 2019 de Monsieur le Député Marc GOERGEN concernant « Vidéosurveillance des CFL »

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse commune à la question parlementaire n° 1251 du 25 septembre 2019 de Monsieur le Député Marc GOERGEN.

Veuillez agréez, Monsieur le Ministre, l'expression de ma haute considération.

Le Ministre des Communications
et des Médias

Xavier Bettel



Bureaux
Maison de Cassal

5, rue Large
L-1917 Luxembourg

Tél. (+352) 247-82167/63
Fax (+352) 47 56 62

info@mediacom.public.lu
www.gouvernement.lu

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :
07 NOV. 2019

**Gemeinsam Äntwert vum Kommunikatiouns- a Medieminister a vum Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op déi parlamentaresch Fro n° 1251 vum 25. September 2019 vum honorabelen Deputéierte Marc Goergen**

Mat der parlamentarescher Fro n° 1251 vum 25. September 2019 wollt den honorabelen Deputéierte Marc Goergen sech iwwert d'Vidéoiwwerwaachung bei den CFL informéieren.

1. *Ween ass de Responsabele fir den Traitement vun de Videoopnamen, dei an de Waggonne, op de gåren souwei an de Busser vun den CFL ogeholl ginn?*

De "Responsable du Traitement" vun der Videoiwwerwaachung an Zich, Garen a Bussen ass d'Société Nationale des Chemins de Fer Luxembourgeois (CFL).

2. *Wéi eng Persounen hunn Accès op dës Biller a wéi ass den Accès protegéiert? Huet d'Personal vun den CFL een Accès op d'Opnamen? Falls jo, sinn si hisiichtlech dem GDPR forméiert?*

Et gi méi Videoiwwerwaachungssystemer bei den CFL, déi op verschidde Manéieren funktionéieren.

a) d'Videoiwwerwaachung an den Zich

D'Videoiwwerwaachung an den Zich funktionéiert mat engem verschlësselte Kassettesystem. Dës Kassette bleiwen an den Zich op enger bestëmmter Plaz déi zougespaart ass an d'Biller ginn iwwerschriwwen ab dem Moment wou déi maximal Stonnenzuel vun der Kassett erreecht ass. Eenzeg déi dozou befugte Persoune bei den CFL, déi a Fro kommen fir am Kontext vun der Videoiwwerwaachung ze intervenéieren, kënnen Zougang zu de Biller kréien.

Et handelt sech dobäi ëm:

- Techniker déi spezialiséiert si fir all technesch Problemer vun der Videoiwwerwaachung an den Zich ze kontrolléieren an ze regelen,
- Persounen déi befugt sinn d'Biller ze konsultéieren,
- Persounen déi befugt sinn ze iwwerwaachen dat dës Konsultatioun vun de Biller konform mat de gesetzleche Virschrëften ausgefouert gëtt,
- Den "Délégué à la Protection des Données" (DPO),
- D'Personalvertrieder, wann een CFL-Agent betraff ass.

D'Kassetten, déi Biller enthalen an déi vun de befugten Persounen aus den Zich geholl ginn, ginn entweder an engem Safe vun engem speziell fir hir Visualisatioun geduechte Sall zwëschegelagert, oder an engem Schaf am Büro vun engem spezialiséierten Techniker agespaart am Kader vun enger technescher Interventioun un der Kassett.

Dës Kassette kënne nëmmen mat engem spezifesche Programm ausgelies ginn.

Eng Kopi vun de betraffene Sequenze kann der Persoun ausgehändegt ginn, déi zur Visulalisatioun befugt ass.

b) D'Videoiwwerwaachung an de Bussen

D'Busse verfügen iwwer een Enregistreur mat Hard-Disk deen zougespaart ass. Dëse befënnt sech sengersäits an engem Boîtier am Bus deen och zougespaart ass. D'Biller si verschlësselt.

D'Hard-Diske gi net aus den Enregistreuren eraus geholl. Fir un d'Biller ze kommen, schléissen d'CFL sech direkt un den Hard-Disk un an kënnen d'Biller direkt op CD-ROM oder op USB-Stick späicheren.

D'Biller gi konservéiert bis un d'Grenz vun der Späicherkapazitéit vum Hard-Disk. Beim Erreeche vun der Späicherkapazitéit ginn d'Biller automatesch duerch déi nei Biller iwwerschriwwen.

Eenzeg déi dozou befugte Persoune bei den CFL, déi a Fro komme fir am Kontext vun der Videoiwwerwaachung ze intervenéieren, kënnen Zougang zu de Biller kréien.

Et handelt sech dobäi ëm:
- Techniker déi spezialiséiert sinn fir all technesch Problemer vun der Videoiwwerwaachung an de Bussen ze kontrolléieren an ze regelen,
- Déi Responsabel vum "Service Bus" vun den CFL,
- Persounen déi befugt sinn ze iwwerwaachen dat dës Konsultatioun vun de Biller konform mat de gesetzleche Virschrëften ausgefouert gëtt,
- Den "Délégué à la Protection des Données" (DPO),
- D'Personalvertrieder, wann een Agent vun den CFL betraff ass,
- D'Membere vun der Direktioun vun den CFL.

Eng Kopi vun de betraffene Sequenze kann der Persoun ausgehändegt ginn, déi zur Visualiséierung befugt ass.

c) D'Videoiwwerwaachung an de Garen

D' "Centrale de Télésurveillance" vun den CFL geréiert d'Videoiwwerwaachung an de Garen, de Park+Riden, de Quaien, de Lifter, dem Funiculaire an bei den Noutruff-Bornen. D'Opérateure vun dëser Zentral visualiséieren an Echtzäit d'Biller vun den Iwwerwaachungskameraen, mee si kënnen keng enregistréiert Biller visualiséieren.

Niewt dësen Operateure kënnen de Chef vum "Service Exploitation et Infrastructure" (EI), säin Adjoint, de Bereetschaftsdéngscht vum selwechte Service (EI), d' "Division Juridique et Assurances" (JA), de "Service Sécurité, Sûreté et Environnement" (S&E), den "Délégué à la Protection des Données" (DPO) an d'Membere vun der Direktioun vun den CFL och déi Biller an Echtzäit gesinn, am Fall wou déi Genannte sech selwer an d'Zentral déplacéieren.

D'Zentral ass speziell fir d'Visualisatioun vun de Biller ausgeluecht an d'physesch Zougäng zur Zentral gi per Badge geschützt. Iwwer d'Visiteure gëtt mat enger Regëster Buch gefouert. De Videoiwwerwaachungssystem gëtt mat geschützte Serveuren a verschlësseltem Datentransfert geschützt.

D'Biller ginn op CFL-Serveure gespäichert a kënnen op Ufro visualiséiert ginn, wann dës Ufro vun enger Persoun validéiert gëtt, déi befugt ass d'Biller ze visualiséieren.

Nëmmen déi befugte Persounen kënnen Zougrëff zu den Opnamen hunn. Dëst sinn de Chef vum "Service Exploitation et Infrastructure" (EI), säin Adjoint, de Bereetschaftsdéngscht vum selwechte Service (EI), déi verantwortlech Persoun vun der Zentral, d' "Division Juridique et Assurances" (JA), de "Service Sécurité, Sûreté et Environnement" (S&E), den "Délégué à la Protection des Données" (DPO) an d'Membere vun der Direktioun vun den CFL.

Déi geriichtlech Autoritéiten, souwéi d'Police Grand-Ducale, hunn ebenfalls op Ufro Zougang zu de Biller vun der Videoiwwerwaachung aus de Garen, den Zich an de Bussen.

Déi an der Videoiwwerwaachung impliźéiert Persoune sinn 2018 am Kader vum GDPR bei enger spezieller Sessioun zu den Themen Videoiwwerwaachung an Dateschutz forméiert ginn. Nei Sessioune fir dës Formatioun si fir 2020 virgesinn. Et handelt sech fir d'CFL hei ëm ee fortwährende Formatiounsprozess.

3. *Wou ginn d'Videoopnamen an den Zich, Garen a Busser gespäichert a wéi laang?*

a) D'Videoiwwerwaachung an den Zich

D'Kassetten enregistréieren während 72 Stonnen an den ALSTOM- a STADLER-Automotricen a während 10 Deeg an de BOMBARDIER-Voituren.

b) D'Videoiwwerwaachung an de Bussen

D'Biller aus de Busse ginn zwësche 15 Deeg a maximal engem Mount konservéiert, ofhängeg vun der Generatioun vum System.

c) D'Videoiwwerwaachung an de Garen

D'Opzeechununge sinn zougänglech an der "Centrale de Télésurveillance" a gi während maximal 20 Deeg konservéiert.

4. *Wéi Vill mol ass d'Videomaterial säit dem Akraafttriede vun GDPR visualiséiert a consultéiert ginn? Wat waren d'Motiver vun de verschiddene Consultatiunen a wéi eng Persoune kruten op dës Donnéeën een Zougrëff?*

a) D'Videoiwwerwaachung an den Zich

Säit dem 25 Mee 2018 sinn 114 Ufroen gestallt gi fir Opname vun der Videoiwwerwaachung an den Zich ze visualiséieren oder ze konsultéieren.

D'Motiver vun deenen 114 Ufroen si folgendermoossen opgedeelt:

| *Motiver fir d'Demanden:* | *vum 25/05/2018 bis den 03/10/2019* |
|---|---|
| Agressioun géintiwwer engem CFL-Agent: | 13 |
| Agressioun géintiwwer engem SNCF-Agent: | 1 |
| Agressioun zwëschen Drëttpersounen: | 9 |
| Sexuell Belästegung géintiwwer Drëttpersounen: | 10 |
| Erpressung: | 4 |
| Vol: | 53 |
| Vol vun CFL-Material: | 4 |
| Vandalismus: | 9 |
| Mëssbrauch vun der Noutbrems: | 2 |
| Deliktuell Verstéiss: | 2 |
| Verstouss géint d'Drogegesetz: | 2 |
| Motiv net vun der Police matgedeelt: | 5 |
| Gesammtunzuel vun den Demanden: | 114 |

D'Biller si visualiséiert gi vun:

- Persounen déi dozou befugt waren,
- Persounen déi befugt waren ze iwwerwaachen dat dës Konsultatioun vun de Biller konform mat de gesetzleche Virschrëften ausgefouert gëtt,
- Personalvertrieder, wann een CFL-Agent betraff war,
- Der Police Grand-Ducale.

b) D'Videoiwwerwaachung an de Bussen

Zënter Mee 2018 sinn d'Kamerabiller 22 mol visualiséiert ginn.

Dëst gouf gemaach am Fall wou een CFL-Agent aggresséiert gouf oder op Ufro vun der Police Grand-Ducale (Vol, Vandalismus, Aggressioun, asw.).

D'Biller si visualiséiert gi vun:

- Responsabele vum "Service Bus" (BU) vun den CFL,
- Persounen déi befugt waren ze iwwerwaachen dat dës Konsultatioun vun de Biller konform mat de gesetzleche Virschrëften ausgefouert gëtt,
- Personalvertrieder wann een CFL-Agent betraff war,
- Der Police Grand-Ducale.

c) D'Videoiwwerwaachung an de Garen

Vum 28. Mee 2018 bis 30. September 2019 inclus sinn 246 mol Videoopzeechungen aus de Garen visualiséiert a consultéiert ginn.

D'Motiver vun deenen 246 Ufroen si folgendermoossen opgedeelt:

| *Motiver fir d'Demanden:* | *vum 25/05/2018 bis den 30/09/2019* |
|---|---|
| Vol: | 129 |
| Agressiounen: | 46 (dovun 16 physesch) |
| Vandalismus: | 20 |
| Fahrerflucht am Park+Ride | 14 |
| Drogenhandel | 8 |
| Anerer | 29 |
| Gesammtunzuel vun den Demanden: | 246 |

D'Biller goufe konsultéiert, je no Fall, vum Adjoint vum Chef vum "Service Exploitation et Infrastructure" (EI), dem Bereetschaftsdénscht vum selwechte Service (EI), dem "Délégué à la Protection des Données" (DPO), engem Member vun der Direktioun vun den CFL an der Police Grand-Ducale.